Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2024

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°1010, huet d'Madamm Justizminister zefriddestellend geäntwert, trotzdeem stellen sech awer och nach eng Rei Froen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Zu der Äntwert op déi 3. Fro: *„ D'Entschiedegung ass net vum Gesetz festgeluecht. Si gëtt vum jeeweilegen Huissier festgeluecht a läit an der Moyenne bei 13,75 Euro. "*
   Op wat engem Règlement ass des Entschiedegung baséiert?

2) Zu der Äntwert op déi 4. Fro: *„ Et ass net d'Aufgab vun den Zeien, Fotoen oder Videoen op privatem Terrain oder an der Wunneng ze maachen. "*
   An esou engem Fall, ass datt zoulässeg datt Zeie Fotoen oder Videoen op privatem Terrain oder an enger Wunneng kënne maachen?

3) Zu der Äntwert op déi 5. Fro: *„ Et gëtt keng spezifesch Reegelung, déi den Ëmfang vun de Schied begrenzt. Hei applizéieren sech gegeebenenfalls déi generell Reegele vun der Responsabilité civile. "*
   Ëm wat fir eng Reegel vun der Responsabilité Civile geet et hei ? Wéi gëtt den Ëmfang vun de Schied geschätzt a chiffréiert?

Mat déiwem Respekt,

Dan Hardy
Deputéierten